

Lëtzebuerg, den 27 septembre 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„Eng Rëtsch landwirtschaftlech Betriber hunn entscheet fir sech am Laf vun de leschte Joren als privat Gesellschaft ënner Lëtzebuerger Recht opzestellen.

An deem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen:

- 1. Wéi vill Betriber hu méttlerweil de Statut vun enger privater Gesellschaft ugeholl? Kann een dat je no Aktivitéit vum Betrib ënnerscheeden (Gäertner, Bauer, Wënzer, ...)?*
- 2. Wat fir eng juristesche Form huet am meeschten Erfolleg? Wat ass d'Ursach dofir?*
- 3. Wéi a vu wem ginn d'Betriber beroden, wann se sech als privat Gesellschaft opstelle wëllen?*
- 4. Kann den Här Minister d'Entwécklung vun der Zuel vu private Gesellschaften am Verglach zu de Betriber, déi vun Einzelpersoune gefouert ginn an op dës lafen, iwwer déi lescht zéng Joer retracéieren?“*

Mat frëndleche Gréiss,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu